ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 29. Juni 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Ekonomie weiderzeleeden.

An der Äntwert op d'Fro Nummer 4314 vun den honorablen Deputéierten Octavie Modert a Laurent Mosar, no potenziellen Negativzënsen op de CCP-Konte schreift den Här Minister fir Ekonomie ënner anerem Follgendes: "*POST Finance précise qu'elle est parfaitement consciente et fière de son rôle social et de l'importance de faciliter un accès aux services financiers à tous, indépendamment de leur situation personnelle, financière ou sociale. En témoignent les quelque 30% de ses clients qui ne disposent d'aucun autre compte bancaire. POST Finance a été créée en 1911 avec exactement cette mission d'inclusion sociale et continuera d'assumer celle-ci dans le futur*".

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Minister fir Ekonomie gär des Nofroe stellen:

1) Op wéi enger legaler Basis erhieft d'POST d'Donnéeën iwwer weider Konte vun hire Clienten?
2) Wéi ënnerscheeden sech déi legal an/oder sozial Mindestdispositiounen, fir e Kont bei der Post dierfen opzemaachen, vun deene vun anere Banken, sou wéi d'Äntwert vum Här Minister et suggeréiert?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742